ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Infrastrukture weiderzeleeden.

D'Fédération aéronautique mécht sech Suergen, dat Sportfligeren eventuell vum Fluchhafe Findel kéinte verdrängt ginn. D'Loyere vun hiren Hangaren kéinten esou staark gehéicht ginn, datt de Betrib fir d'Klipp vun der Sportfligerei quasi onméiglech géif ginn.

Dowéinst wéilt ech dem Minister fir Infrastrukturen dës Froe stellen:

1. *Wéi sou misst de Loyer fir d'Hangare fir d'Sportfligeren esou staark an d'Luucht goen?*
2. *Wéi en Léisunge kann de Minister de Membere vun der Fédération aéronautique ubidden:*
   a) um Fluchhafen Findel?
   b) eventuell duerch de Bau vun engem Aerodrome mat den néidegen Infrastrukturen déi speziell op d'Bedürfnisser vun der Sportfligerei zougeschnidde sinn?

Mat déiwem Respekt

Roy Reding

Deputéierten